adr:

ALTERNATIV DEMOKRATESCH
REFORMPARTEI

**Groupe parlementaire**

CHAMBRE DES DEPUTES
Entrée le:
13 JUIN 2017
3064

Här Mars di Bartolomeo
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 13. Juni 2017

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Wirtschaftsminister weiderzeleeden.

De Statec mécht naturgeméiss vill statistesch Erhiewungen, an dacks kréien d'Leit och Formuläre fir auszefëllen zougeschéckt. No dem Gesetz riskéiert een souguer eng Geldstrof, wann een net op esou eng Enquête vum Statec äntwert. An deem Zesummenhank wollt ech dem Här Minister dës Froe stellen:

1. Ass dru geduecht, datt de Statec all seng Froebéi a Communicatiounen soll fir d'éischt an eiser Nationalsprooch Lëtzebuergesch eraus schécken – eventuell niewent Iwwersetzungen an eis zwou aner administrativ Sproochen?
2. Am Gesetz iwwer de Statec steet d'Méiglechkeet, Geldstrofen auszeschwätzen, wa Leit net op Froebéi äntweren. Ass d'Regierung der Meenung, datt esou eng gesetzlech Dispositioun nach ëmmer sënnvoll ass?
3. Wéi dacks sinn, zënter datt dëst Gesetz besteet, esou Strofe verhaange ginn? Wéi dacks sinn dës Strofe bezuelt ginn a wéi dacks hu Geriichter missen agräifen fir d'Geld anzedreiwen?
4. Ass d'Regierung der Meenung, wann esou Stroofe da sollten hirer Meenung no méiglech bleiwen, datt eng Beruffungsprozedur muss existéieren, déi deene betraffene Leit muss an all Fall erklärt ginn?
5. Wann e Ministère oder de STATEC eng Etüd un en anert Institut oder eng privat Firma weidergëtt/delegéiert, besteet dann awer d'Méiglechkeet vun enger Stroof, wann een dem Institut oder där Firma déi gefroten Äntwerten net gëtt? Wat wär heifir déi gesetzlech Basis a wéi wären an deem Fall d'Prozeduren?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten

**ADR – Groupe parlementaire** **22, rue de l'Eau L-1449 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742 / Fax 463745**
**ADR – Parti politique**

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

Dossier suivi par Christian Alff
Service des séances plénières et secrétariat général
Tél : 466.966.223
Fax : 466.966.210
e-mail : calff@chd.lu

Monsieur Fernand Etgen
Ministre aux Relations avec le Parlement
Luxembourg

Luxembourg, le 13 juin 2017

Objet : Question parlementaire n° 3064 du 13.06.2017 de Monsieur le Député Fernand Kartheiser

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer par la présente la question parlementaire sous objet.

Je vous prie de bien vouloir me faire parvenir la réponse du Gouvernement dans le délai d'un mois afin que je puisse la faire publier avec la question au compte rendu.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments les plus distingués.

Pour le Président,

Simone Beissel
Vice-Président de la Chambre des Députés